Voyage Scientifique 2026

E Méindeg de Moien huet eis Rees ugefaangen.

Mir si géint sechs Auer moies vum Stade de Luxembourg fortgefuer. Moies si mir op Stroossbuerg gefuer fir den Institut de Recherche IRCAD ze besichen. Et war eng ganz interessant a léierräich Erfarung. Géint de Nomëtteg si mir duerno op Genf an der Schwäiz gefuer. Owes si mir an en indesche Restaurant iesse gaangen an hunn e flotte Moment zesumme verbruecht.

Daag 2:

En Dënschdeg de Moien si mir op de CERN gaangen. Mir sinn de ganzen Dag do bliwwen, hu vill Aktivitéite gemaach an et goufen eis vill interessant Saachen iwwert d'Collisioun vun de Protonen erkläert an selwer eng Niwwelkummer gebaut. Géint de Nomëtteg si mir duerno op Chamonix gefuer. Do hu mir eis am Spa vum Hotel e bëssen entspaant, owes si mir an de Restaurant iesse gaangen an eng Visite vun der Stad gemaach.

Daag 3:

Mëttwoch de Moie si mir ganz fréi op d'Aiguille du midi zu Chamonix gaangen a mir si mat der Gondel eropgefuer. Vun do uewen hat een eng immens schéi Vue op d'Bierger, och wann et ganz kal war. Duerno si mir nees erofgaangen an hu nach eng Kéier de Bus geholl fir op Turin ze fueren. Mir sinn owes ukomm, a si gutt italieenesch Iesse gaangen.

Daag 4:

Donneschdeg moies si mir an den Nationale Automobilmusée zu Turin gaangen. Am Musée hu mir vill Saachen iwwer Waasserstoffautoen an Elektroautoen geléiert. Duerno hu mir eis Visitt vun Turin weidergefouert an am Nomëtteg de Juventus-Stadion besicht. Spéit am Nomëtteg an owes hate mir Fräizäit, fir d'Stad Turin eleng ze entdecken an ze besichen.

Daag 5:

Freideg moies si mir fréi vu Turin op Zürich fortgefuer. Mir sinn am Nomëtteg ukomm an hu d'ETH Zürich besicht, eng vun de wichtegsten Universitéiten an der Schwäiz. Wärend der Visitt waren och zwee fréier Studenten vum Robert Schuman dobäi, déi eis puer

Saachen iwwer d’Uni erzielt hunn. Duerno hu si eis an der Zentralstatioun vu Zürich gelooss, wou mir bessi Fräizäit haten.

Daag 6:

Samschdes si mir an de Technorama gaangen, een Wëssenschaftsmusée. Do hu mir verschidden Aktivitéite gemaach an och do mëttes giess. Am Nomëtteg si mir duerno nees a Richtung Lëtzebuerg fortgefuer. Sou ass eisen Voyage Scientifique op en Enn gaangen.